

# E puer Deeg aus dem Vitruv Kornisch sengem klenge gréngen Architektejournale

1.6.2015

... décke Kapp. Weess net vu wat. Kënnt einfach sou mam bloe Méindeg. Dem Heng säi Getuddels vläicht... Wann dien sou baut wéi e schwätzt, sot d'Carole, dann ass et besser, hie kritt den Optrag net... Wann s du mech frees: Hie baut nach méi schlëmm wéi hie schwätzt! Mee dat schéint wéineg Konsequenzen ze hunn, do, wou nach dee leschten architektonesche Schwaachsënn als king a gewot gehandelt gëtt... Kënnt menger Ansicht no vum ville Koksen: Mat all deem Stëbs, deen déi sech do an d'Nues zéien, schwiewe si bestänneg op enger Wollek a komme sech ongemeng wichtig vir. Déi néideg Kritik existéiert an där Welt guer net méi. An d'Gemengepolitiker ginn hinne Recht, well se keng Ahnung hu vun Architektur oder awer well se um selwechte Stëbs zéien... a beim Dessert bréngt den Heng et op eemol nach fäerdeg, der ellenster Plaz am Land (an där iwwregens och ellenster Stad) sou eppes wéi delikate Charme an diskret Schéinheet ofzegewannen... Rieds war vun der Escher Brillplaz, dem gréissten urbanisteschen Ongeheier, dat sech fanne léisst, dem ultimative Schreckgespenst fir jidder och nëmmen knapp talentéierten Architekturstudent, an dora gesäit den Heng da beim Soufflé chaud au Grand Marnier tout en légèreté et ses madeleines à l'orange confite cuites à la minute sou eppes wéi e grouse Worf... To hell with Brill!... Näischt sou an d'Stad!... Obwuel, bestëmmten Ecker hei sinn net wäit dovun ewech...

2.6.2015

Haut Gespréich mat der Ministesch... ech nenne keen Numm, well et war sou zimlech dat penibelst Geschwätz, dat ech je iwwer mech hu missen ergoe loossen... et soll kee soen, ech hätt net gelidden, fir deen Optrag ze kréien... net ze vill Oplagen allerdéngs, wat gutt ass... dacks musse mer jo ganz Parteiprogramme mat abauen, Bio, Eko, nohalteg, kalorienarm etc... datt nëmme kee Wieler op d'Iddi kënnt, sou eng Architektur wier vläicht 'ondemokratesch'... oder vun

engem 'Demokratiedefizit' belaauscht... begéinen um Heemwee meng al Frëndin Rose, dat sech Poschen an enger Virtrinn ukuckt, Poschen, déi sou deier sinn, datt kee Präis derbäi steet... beim Patt gerode mer aus aler Gewunnecht an d'Philosophéieren, schwätzen iwwer d'Zäit, déi dohi wutscht a lande schliisslech am Stëbs vun den Aarbechten um Hamilius... och aus aler Gewunnecht gënnen ech mer e puer Pätt zevill a fänken iergendwann un, mam Rose ze streiden (obwuel et mer – oder vläicht well et mer – ëmmer nach gutt gefällt)... duerno spieren ech eppes wéi eng pubertär Erënnerung u grouss Gefiller a mer, ginn eleng duerch de Stëbs a froe mech, ob ech nach bei d'Lola soll goen a weider drénken... eng Rëtsch Plakater gi mer dobäi ënnerschiddlech Rotschléi: JO JO JO déi eng, NEE NEE NEE déi aner...

3.6.2015

... décke Kapp. Probéieren d'Rose unzeruffen, fir mech ze entschëllegen... hatt mell sech awer net. Weess och guer net méi, wat ech him alles duergeplättelt hunn... Vläch war ech och nëmmen op Honnert wéinst der Ministesch... oder wéinst dem Heng sengem Getéins... jo, dat ass mer um Boulevard Royal rëm agefall: wéi hien do a senger üblecher zefriddener Süffisanz vu sengem Frënd Christian geschwat huet... de Christian huet schon eppes lass, sot hien, dat ass scho gutt, wat hie mécht... gemengt war de Portzamparc, de Christian de Portzamparc, deen hien, zanter en eng Kéier zoufällig mat him am Lift gefuer ass, als säi Frënd ausgëtt... wéi wëllt dee klengen Heng mat all deene réffege Wurschkichen, déi hie baut, engem Portzamparc d'Waasser reechen? Dien deliréiert, dien Tipp, wéi ech scho sot, ze vill Koks... an du koum jo och nach déi Diskussioun iwwer déi Bauten an de Siechzege... de Vago-Krëppeng an alles ronderëm... an d'Banken an d'Lokalpolitiker an all déi aner, déi do op eemol de Portmonni sou voll haten, datt hinnen d'Box geplatzt ass... Awer den Här Vago war Resistenzler, seet dann dem Heng seng Fra, wougéint den Här Corbusier jo awer éischer

Faschist war... an dann zéien ech mer och eng Linn op d'Long, well dat mer alles ze blöd ass a ginn... ee Moment denken ech drun, dem Rose eng vun deene Poschen ze kafen, fir d'Saach rëm gutt ze maachen a ginn an de Buttek eran... 18000 Euro, seet d'Madame, géif déi kaschten, dix-huit mille, a well ech mengen, mech verhéiert ze hunn, froen ech no, awer och op englesch ass et eighteen thousand... ech loossen et also sinn... iergendwou gëtt eng Party ugekënnegt ënnert dem Motto Let's JO together ... wat dat och ëmmer ass, vläch stëmmt et mech rëm méi optimistesche...

4.6.2015

... droleg Stëmmung an der Stad... oder bilden ech mer dat nëmmen an? Leit, déi huschen an hetzen, wéi wann een hannert hinnen hier wier... gejot, op der Sich, verzweifelt... an e Brennen hunn ech an der Nues wéi wa Gëftgas an der Loft wier... kann och d'Folleg vu mengem Konsum sinn... déi Leit, déi do sou am Schweess ronderëm ditzten, ginn ech gewuer, sichen hire Bus... ah, jo, duerch d'Aarbechte gouf et en neie Plang, deen anscheinend net ze liesen ass, gouf schon als schlechteste Busplang vun der Welt bezeecht, als Spaghetti-Monster an als Koup Wierm... wäert wuel sou ausgesinn wéi dem Heng säin Entworf fir den Ausbau vum Musée (verworfen, mat 8 Stëmme géint 1)... gutt, datt ech kee Bus fueren... eng Fra freet mech no der Linn sou an sou, an ech denken u meng Nues... ob ech mer vläch eppes an d'Apdikt soll siche goen, fir ze berouegen... d'Rose, mengen ech, huet seng Nues lifte gelooss... iergendwou liesen ech eppes vun engem Lifting fir d'Stad, a wou anescht eng Warnung virum Hanta-Virus, da geet Rieds vu Chyrosin am Kéis, an iergendwou steet E Kräiz ass séier gemaach, an ech froe mech, wat domat gemengt kéint sinn... meng Gedanke schéinen e bëssen dem Busplang ze gläichen, eng Wurrel, déi een net méi ausernee kritt, eng Knätz, un där een domm gëtt, onduerchdrénglech wéi d'Baupläng an d'Schantercher an der Stad...

6.6.2015

... décke Kapp. D'Diskussioun iwwer den Tram gëschter Owend huet mer de Rescht ginn. Nom Cut up war ech nach beim Lola, wou sou e päischtcroisièresbrongen Ténert mat Béierschaumguckelcher seng Roserei u mär ausgelooß huet, nëmme well ech Architekt sinn... a well ech seng Iddi, e Referendum ze maachen iwwer all Schantjen, dien usteet, net grad intelligent fonnt hunn... déi Hardcore-Supporter vum abléckleche JO an NEE gi mer scho vëllegen duer... wa mir sou géife bauen wéi do argumentéiert gëtt, da stéing scho laang kee Steen méi op deem aneren...

7.6.2015

Gi meng Kräizer maachen, 1 lénks, zwee riets (sou sot meng Mamm fréier, wa si gestréckt huet, huet dann nach derbäi gesat: ee fale gelooss)... , duerno op den Aperitif... kuerz no dräi dat éischt Resultat, aus engem Escher Büro, haushéich NEE, e bessen drop d'Gemeng Ell (wou meng Mamm hier ass), nach méi haushéich NEE... les jeux sont faits, do gëtt ee fale gelooss... keng Iwwerraschung also... ech gewanne meng Wett géint den Heng, ech hunn op 75% Nee getippt, wouriwwer hien entsat war... awer hie geet och net sou vill an d'Bistroe wéi ech ...

Nico Helminger

5.6.2015

... lunch am Cut up... wien der Däiwel hat mech dohin invitéiert? D'lesse war grad sou schlecht wéi d'Gesellschaft, déi do verkéiert ass... erënnere mech, datt iergendee mer e Kapp gemaach huet mat engem ekologeschen Héichhaus, mat uewendrop ganz vill Grings, fir de Beton wettzemaachen, souzesoen, iergendsou eppes, an datt ech zou him sot: Ech maachen der dat, e risege Bongert op den Daach, wou s de dann deng Äppel plécke kanns a mat dengem Éivchen dech am Gras wenzelen, oder nach méi grouss, e Golf-Terrain uewendrop, da gehéiers du zur Elite a kanns bei Handicap 17 op d'Stad erofkucken, op all déi aarmséileg domm Lächer donidden... an hie war guer net frou iwwer meng Virschléi an huet Picke gehäit an du sech agerullt wéi e Kéiseker, deen zevill Eeërlükör gesëffelt huet... war awer net, wéi ech geduecht hat, e gringe Politiker, mee iergendee Pabeierkinnek, dee sech mat senge Glanzbroschüren asetzt fir dee richtege Genre vu City-Branding... ech froen hien also, ob déi deier Poschen och zu sengem City-Branding gehéieren, oder vläicht déi 35 Milliounen deier ënnerierdesch Gare um Findel, déi net gebraucht ka ginn... awer hie mécht, wéi wann hie schon am Wanterschlof wier...

